Avec le soutien financier du
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

NaturparkOUR



# "Méi net am Mee" am Naturpark Our

Mat der Initiativ „Méi net am Mee" setzt den Naturpark Our zanter e puer Joer e kloert Zeeche fir de Schutz an d'Färderung vun der Biodiversitéit am Siidlungsraum. D'Iddi ass einfach: Gréngflächen am Mee net méien, sou datt Wëllblummen zur Bléi kommen an Insekten an aner Déierenaarten Narungs- a Liewensraim fannen. Dës ugepasste Méipraktiken droen am private Beräich wéi och op ëffentleche Flächen e wichtege Bäitrag zum Erhalt vun eisen eenheemesche Wëllplanzen an -déieren bäi.



*Wëlwerwolz vis-à-vis vum Fussballsterrain (© Naturpark Our).*

Och 2025 huet d'Gemeng Kiischpelt sech nees aktiv un der Initiativ bedeelegt. De ganze Mount Mee iwwer goufen ausgewielte kommunal Wisen net geméint. Dës hu sech bannent e puer Wochen zu wäertvolle Liewensraim fir Wëllbeien, Päiperleken an Igel entwéckelt huet. D'Gemeng Kiischpelt huet de „Méi net am Mee" och als Impuls genotzt, fir laangfristeg méi extensiv an naturschounend Fleegmethoden ëmzesetzen.



*Fotoen an der Virauswiel vum Gewënnspill 2025 (© Privat).*

De Fotoconcours vum Naturpark Our huet eng grouss Resonanz fonnt. Méi wéi 30 Leit hunn hir Fotoen agereecht, iwwert déi duerno online ofgestëmmt gouf. Iwwer 170 Stëmme sinn dobäi zesumme komm. Ausgezeechent goufen opfälleg bléi- a aarteräich, souwéi fotografesch besonnesch gelongen Opnamen.

Eng dauerhaft ökologesch wäertvoll Wiss brauch virun allem Zäit: E spéiden éischte Schnatt ab Mëtt Juni erlaabt et de meeschte Planzen, ganz auszebléien an auszesomen, wärend vill Insekten hir Entwécklungszyklen ofschléisse kënnen. Wichteg ass och, de Schnatt ewechzeraumen, fir ze verhënneren, datt de Buedem ze vill Närstoffer kritt an déi typesch Wëllblummen verdrängt ginn. Wann d'Wiss zousätzlech net iwwerall gläichzäiteg, mee a Schrëtt geméit gëtt, bleiwen ëmmer genuch Réckzuchsraim fir Déieren erhalen. Och d'Wiel vum Geschier spillt eng Roll. Insekteschounend Schnatttechniken, wéi mat engem Balkenmäher, droen zu enger besonnesch naturverträglecher Fleeg bäi.

2026 gëtt d'Initiativ „Méi net am Mee" weidergefouert. Mat enger neier Editioun an engem neie Fotosconcours invitéiert den Naturpark Our all Awunnerinnen an Awunner, sech nees ze bedeelegen. Déi sozial Medie Kanaler oder d'Internetsäit vum Naturpark Our am An ze behalen hëlleft dobäi informéiert ze bleiwen. Nach ëmmer gëllt: Wiss wuesse loossen, Diversitéit beobachten, Foto erareechen a mat e bësse Chance ee vun den attraktive Präisser gewannen.

D'Naturparken zu Lëtzebuerg
... een Insekteräich